Begréisse vun :

D'Gemengeréit, d'Hären Justin Turpel vun Déi Lenk a Marc Angel vun der LSAP,

den Här Paschtouer Romain Kroeger,

den Här Henri Oé, Kommandant vum Proximitéitskommissariat Gaasperech,

den Här René Roeder, President vun der CSV Sektioun Gaasperech,

de Kapitän Jean-Marie Thoss, chef de musique adjoint vun der Militärmusek an den Serjant Pit Keller,

d'Madame Lisette Servais mam Baillie vun der asbl Rahna,

den Här Roger Braun, Tresorier vun der Union des Syndicat d'intérets locaux vun der Geméng Lëtzebuerg a President vum Neiduerfer Syndikat deen herno am Numm vun der USILL wart e Wuert un eis riichten

d'Madame Marianne Wahl, Presidentin vum Hollerecher Interesseveräin

den Här Jean-Marc Fisch, Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin,

d'Vertrieder vu de Gaasperecher Veräiner : d'Madame Cécile Kieffer vun der Amiperas, den Jean-Marie Mossong vum FC Tricolore Gaasperech, den Henri Schartz vum DT Gaasperech, d'Madame d'Marianne De Gregori an de Claude Glesener vun der Harmonie Gasperich, den Henri Risch vum Tennis Gaasperech, de Guy Herr vun der Section de Marche vum FC Tricolore Gaasperech, d'Madame Micheline Fostier an de Vic Weyland vun der Amicale vun de Scouten, de Charel Bechet vun de Scouten an de Jean Barth vun der Fräiheet

Entschëllegt sinn :

d'Mme Martine Mergen, den Här Maurice Bauer (CSV),

d'Hären Tom Krieps an Armand Drews vun der LSAP,

den Här Max Stoffel vun der DP-Sektioun Zéisseng/Gaasperech,

den Här Paul Reeff, President vun der Usill,

den Här John Hansen vum Zéissenger Interesseveräin

den Här Gilles Hermes, President vun der Amicale vun de Scouten,

Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sitt.

Dir Dammen an Dir Hären!

De Comité huet sech d'läscht Joer direkt no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 5 mol zesumme komm.

Mir waren beim Schäfferot am Kader vun eise Reklamatioune vum PAP Monopol, vum Reklassement vun den Terrains'en an der rue d'Alsace wou d'Fixerstuff soll hikommen an vun der Prozedur Commodo/Incommodo vun der Parzell 219-233, op der Escherstrooss.

Mir hate an eiser Réunioun mam Schäfferot de 7. Februar 2012 gefrot fir d'Zone 30 an d'Gaasperecherstrooss ze kréien. Ma dat wat mir do herno am Rapport vun der Gemeng konnte noliesen, huet eis net nëmmen e bësschen erstaunt: d'Strooss ass eng Verbindungsstrooss an duerfir ass d'Zone 30 net méiglech, si ass no der Gemeng méi laang wéi de Kuelebierg, ma mir si béid Stroossen ofgefuer a konnte just de Contraire feststellen. Et kënnt een den Autofuerer keng Zone 30 zoumudden wëll d'Strooss esou laang ass. Et ass eng Stooss wou eng gewëssen Mixitéit drann ass, also kee spezifescht Wunngebitt. Erstaunt si mir dann och datt am City-Magazin de Buergermeeschter seet, datt an enger Strooss wou Schoule sinn Zone 30 Sënn mecht well de Bremswee méi kuerz ass. Och de Kuelebierg ass eng Verbindungsstrooss genau wéi d'Gaasperecherstrooss. Ma dat wat fir Zéisseng oder aner Quartiers'en an der Stad gutt ass, ass fir Gaasperech eben net méiglech, obwuel léif Zéissenger, mir iech dat alles gäre vergonnen. Mä et sollt halt ee Quartier wéi deen anere behandelt gi vun der Gemeng.

Mir kruten Invitatiounen vun der Gemeng fir op d'Ouverture vun dem Stater- a Garer Chrëschtmaart sou wéi fir op d'Rezeptioun vum Nationalfeierdag. Mir waren op der Inauguratioun vum Musée 3 Eechelen a mir ware vertruede wéi de Systeme "Car-sharing" vun der Gemeng virgestallt ginn ass. Mir waren op der Informatiounsréunion 2012 vum Schäfferot zu Zéisseng.

Elo, den 21. Februar um 19.00 Auer, ass de Schäfferot zu Zéisseng fir hire Bilan virzestellen. Wann der also Froen oder Reklamatiounen hutt, kënn dir hinnen se do matdeelen. Leider vermëssen mir bei sou Réuniounen datt e Bus vir an no der Réunioun vu Gaasperech op Zéisseng fiert, sou wéi mir dat an der Zäit organiséiert hunn, wa mir vum Zéissenger Centre Culturel profitéiert hunn.

Mir si verschiddenen Invitatiounen vun der Natur & Ëmwelt am Haus vun der Natur gefollecht, wéi z.B., de Kongress an d'Generalversammlung vun der Natura an den 30. Anniversaire vun der Fondatioun Hëllef fir d'Natur.

Vun dem Jugendhaus krute mir Invitatiounen fir op d'Quartiersfest a fir den Info-Dag iwwert den Auto-Tuning. Aus logistesche Grënn konnte mir och d'läscht Joer net bei dem Quartiersfest matmaachen.

Mir waren op enger Versammlung déi vum Mouvement Ecologique organiséiert gi war a wou et ëm d'Biergerbedeelegung gaangen ass. Mir kruten Invitatiounen vum CLAE fir op de Salon de l'Immigration a vum OGBL fir op hir Konferenz "Nëmme mat eis". Mir waren op der Versammlung iwwert Biergerbedeelegung an de Biergerhaushalt, déi vun Déi Lénk organiséiert war.

Mir waren am Juni 2012 an der Generalversammlung vun der Union des Syndicats d'Intérêts Locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Ech vertrieden jo den Interesseveräin am Conseil d'Administration vun der Usill. Déi ass d'läscht Joer 4x zesumme komm. Am Januar 2013 hat d'Usill eng Réunioun mat den 21 Syndikater déi se vertrëtt. An dëser Réunioun ass et haaptsächlech drëm gaangen fir iwwert déi nei Iddi vun eiser Gemeng ze schwätzen, an zwar d'Biergerbedeelegung an de Biergerhaushalt, deen 2014 soll a Kraaft trieden. Et

muss ee wëssen datt do d'Usill sou gutt ewéi d'Syndikater komplett am Flou gelooss ginn wat do op se zoukënnt. Et sollen sougenannte "Comités des Quartiers" gegrënnt ginn. Wou stinn do d'Syndikater? Ech kommen herno nach mat engem konkrete Beispill op dësen Dossier zreck.

Mir waren an de Generalversammlungen vun den Hollerecher-, Zéissenger- an Centser Interesseveräiner.

Da krute mer am Laf vum Joer Invitatiounen vu ville lokale Veräiner fir op hir Generalversammlungen an hir Manifestatiounen, wou mir och sou gutt ewéi méiglech vertruede waren.

Wéi déi Joeren virdrun, hate mir den Dag vun der Commémoration Nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Fir d'musikalescht Encadrement hunn 2 jonk Trompettistinnen an d'Chantres de Ste Thérèse gesuergt. Vun hei aus e grousse Merci. Duerno war eng kleng Rezeptioun hei am Sall wou den IVG den Eierewäin offréiert huet. En häerzleche Merci geet un d' Scoute vu Gaasperech déi sech ëm de Service gekëmmert hunn souwéi un all déi Veräiner, déi un deem Dag participéiert hunn. D'Pompjeeën aus der Uewerstad hu wéi an de läschte Joeren bei dëser Geleeënheet Medaillen un hir Memberen iwwerreecht.

Mir waren an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Mir hunn um Chrëschtmaart den 8. Dezember matgemaach a konnten duerch de Verkaf vun Tombolaslousen 1.500.-€ erabrengen.D'Tombola war vun de "Mammen hëllefe Mammen" gestëfft ginn. Den Erléis vum Chrëschtmaart gëtt den 12. Abrëll iwwerreecht un d'Asbl Mutferter Haff an de Centre d'Intégration Scolaire vun Zéisseng.

D'läscht Joer hunn d'Chantres de Ste Thérèse hiren 80. Gebuertsdag gefeiert an d'Uergel ass och 30 Joer al ginn. Vun hei aus eis Félicitatiounen a Merci fir déi schéi Concerts'en.

Mir hu wéi an de vergaangene Joeren de Kalenner vun de Manifestatiounen opgestallt. En decke Merci geet un de Jos Mantz vun de Chantres de Ste Thérèse, de Charel Bechet vun de Scouten an de Pol Sylvestrie vum Dëschtennis, déi de Memberen vum Interesseveräin gehollef hunn dëse Kalenner hei am Quartier auszedroen.

Mir haten den 3. November am Kader vum 80. Anniversaire vum Interesseveräin d'Opéra du Trottoir mat hirem Programm "Titanic oder Davon geht die Welt nicht unter" invitéiert. Professionell Sängerinnen, Sänger a Museker hun eis e formidabel schéine Programm presentéiert, et war e volle Succès. Leider hate sech awer iwwer 20 Leit ugemellt, den Dësch reservéiert a sinn owes net komm, wat natierlech fir eis eng finanziell Perte bedeit.

En häerzleche Merci vun hei aus dem Liliane an dem Nico Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Breger aus der Industriezone, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Dachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Steffes vun der Cloche d'Or an den Caves Desom vu Réimech déi eis finanziell a materiell ënnert d'Äerm gegraff hunn.

E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité so wéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upaaken, merci René, Hilde, Helène an d'ganz Equipe, déi bei eise verschiddenen Organisatiounen am Service gehollef hunn.

Den 18. November 2012 hate mir an der Kierch e Concert organiséiert, dee vun der Militärmusek ënnert der Leedung vun hirem neie Musekchef dem Här Jean-Claude Braun presentéiert gouf. Och dee Concert war e volle Succès a mir konnten deen Owend en Don vu 1.500 Euros un d'Asbl Rahna "Muppen hëllefe Leit am Rollstull" iwwerreechen. Dem Här Paschtouer en decke Merci dass hien eis d'Kierch an hei de Sall zur Verfügung gestallt huet sowéi de Militärmuseker fir dee schéine Concert.

Mir hunn och scho Previsiounen fir 2013:

Mir si mat de Schanzer Cabarotiker amgaang en Datum ze fannen, dat wären den 1. oder 2. Weekend am November. D'Schanzer Cabarotiker ware scho virun 2 Joer bei eis a konnten de Publikum begeeschteren mat de Kanner an den Erwuessenen déi op der Bühn stinn a suergen datt de Publikum sech gutt amuséiere kann.

Mir sinn am Gespréich mat dem Cabaret Makadammen deen am November mat hirem neie Programm ufänkt a mir hu gefrot op si am Ufank vun 2014 op Gaasperech kommen.

D'Militärmusek huet eis gefrot fir rëm gär e Concert bei eis spillen ze kommen. Mä do wëssen mir och nach kee geneeën Datum.

Dann zum Detail vun eise Korrespondenzen an Suivien vun de verschiddenen Dossiers'en:

PAP Leemerwee

Mir hunn d'Autorisation d'exploitation zougestallt kritt.

D'Eisebunnsbréck déi de Quartier mat der Rue d'Alsace verbënnt an d'Bréck am Millewee

Déi nei Bréck ass entretemps färdeg a mir soe vun hei aus de Servicer vun de CFL Merci datt si eis d'Informatiounen iwwert de Chantier viruginn hunn.

D'Aarbechten un der d'Bréck am Millewée, déi an engem schlechten Zoustand war sinn amgaang. Si soll aus 2 Couloiren fir d'Autoen an 2 Trottoiren, déi och vun de Vëloen kënne benotzt ginn bestoen. Während dem Chantier soll de Verkéier normal fonktionnéieren a mat Luuchten gereegelt ginn. Mir hu vun den CFL d'Exekutiounspläng gescheckt kritt.

Den Immeuble 169, Gaasperecherstrooss – Eck Escherstrooss

Op Grond vun eiser Ufro si mir informéiert ginn, datt de Propriétaire e neien accord de principe gefrot huet. Mir hate reklaméiert bei der Police a bei der Gemeng datt de wëlle Parking op dem Terrain e Secherheetsfacteur géif duerstellen. Ausserdeem géifen d'Noperen an der gudder Saison vum Knascht

belästegt gin. Doropshinn ass den Terrain agezaint ginn an eng spezialiséiert Firma huet den Terrain propper gemaach.

De PAP Monopol, e Projet deen esou gutt Gaasperech wéi Zéisseng betrëfft

De PAP Monopol ass de 16. Dezember 2011 am Gemengerot provisoresch approuvéiert ginn. Mir hunn eis d'Pièces komme gelooss an eis mat dem Zéissenger Interesseveräin a Verbindung gesaat. Mir hunn décidéiert fir eng gemeinsam Reklamatioun eranzereechen. Et handelt sech hei ëm de Bau vun 41.000 $m^2$. De Projet sträift op ongeféier 70 m d'Escherstrooss. D'Haaptbestanddeeler vun dëser Reklamatioun waren ënner aneren: Vun de 41.000 $m^2$ waren am initialen Projet nëmmen 2.500 $m^2$ Wunnfläch virgesinn. Op Grond vun der Suggestioun vun der zoustänneger konsultativer Kommissioun huet de Schäfferot du betount datt de Promoteur mat d'accord wär fir 10.000 $m^2$ Wunnfläch drann ze maachen. Et muss ee wëssen datt an enger zone mixte de Wunnengsbau net obligatoresch ass. Mir wollten och wëssen wat fir Wunnengen dohinner kommen sollen, net datt et esou geet wéi am Ban de Gasperich, wou haaptsächlech logements temporaires an Appart-Hôtels'en sollen geschaafe gin. Dann hunn eis d'Stroosseninfrastrukture vun dem Projet beonrouegt. Duerfir fuederen mir e Gesamtkonzept iwwert d'Mobilitéit fir déi 2 Quartiers'en. Mir hunn drop opmierksam gemaach datt de Beruffsverkéier nëmme kann iwwert de neie bd Raiffeisen an iwert de neie bd. de Kockelscheuer dräinéiert ka ginn. An och op Zéissenger Säit gëtt genau esou gemaach wéi am Ban de Gasperich, et gëtt mol monter bäigebaut awer de Schoul- Sports an Sozialinfrastrukturen gëtt keng Rechnung gedroen. Mir sinn esou wéi d'Prozedur et virgesäit gehéiert ginn, an de Projet ass fir de Vote définitiv rëm op den Ordre du Jour vum Conseil Communal komm. En ass definitiv votéiert ginn, a mir hunn mat dem Interesseveräin Zéisseng rëm eng Reklamatioun agereecht. Eis Reklamatiounen sinn du vum Innenminister zreckgewise ginn mat Argumenter ewéi : mir hätte missen, wéi déi Terrains'en am PAG klasséiert gi sinn, dat war an dësem Fall 1993, géint de ville Verkéier reklaméieren. An der Zwëschenzäit si jo awer Bautereglementer geännert ginn. Wou woussten d'Leit dann déi Zäit wéi héich an a wat fir enger Densitéit dierft 2012 gebaut ginn…vun der Evolutioun vum Verkéier net ze schwätzen. Datt am ganzen PAP keng Schoulen oder Sportsinfrastrukten virgesi sinn, jo do hunn si eis geäntwert dat wär un der Gemeng fir spéiderhinn ze kucken wouhin déi komme sollen, dat sälwecht fir den ëffentlechen Transport. Mir hu bis haut dat gefuerdert Gesamtkonzept nach net ze gesi kritt.

PAP "Hinter den Gärten" – e Projet an der Beethovenstrooss

Dee PAP ass ofgeännert an definitiv votéiert ginn.

Terrain 219-233, route d'Esch

Mir sinn intervenéiert well d'Urainer vum Terrain eis gesot hunn, datt si d'Problemer géife gesinn, wann den Terrain géif sanéiert ginn. D'Réunioun am Kader vun der Commodo/Incommodo-Prozedur war den 2. Abrëll 2012. Mir sinn du weider informéiert ginn, datt mir iwwert de Suivi vum Dossier, dee bei de staatlechen Instanzen läit, géifen au courant gehal ginn, mä leider hu mir keng Info méi kritt.

Dann zum Ban de Gasperich

Wéi mir d'läscht Joer beim Schäfferot waren, krute mir vum Buergermeeschter gesot, datt hien ënnert kengen Emstänn eng Baugenehmigung ënnerschreift bis datt d'Stroossen fäerdeg wären. Déi eenzeg Baugenehmegung déi eraus ass, ass déi wou Price Water House amgaang ass e Gebäi vun 41.000 m2 ze bauen an dat hier Universitéit soll installéiert ginn. Da sinn awer fir de Projet" Wohnen im Parc" en accord de principe eraus an den accord de principe fir den Auchan ass verlängert ginn.

Dann huet d'Presse jo informéiert, datt an d'Gebäi vun de "Messageries du Livre" de Colruyt, eng belsch Harddiscounterchaine soll hikommen.

Mir hu reklaméiert well d'Avis'en an der Enceinte vu Gaard an Heem ophänken wou de Public jo keen Zougang huet an ausserdeem war den Accès komplett mat Offall zougetippt. Aner Avis'en hänken op der Raiffeisestrooss mëtten am Feld. Mir hate proposéiert, well de Ban de Gasperich jo e Mega-Projet ass, fir op enger Plaaz déi zentral an accessibel wär e Panneau z'installaléieren fir déi Avis'en opzehänken. Leider krute mir och do keng Äntwert an et ass och näischt geschitt.

## De neie Parc

Mir hate mat de Responsabelen vun der Asbl Natur an Ëmwelt geschwat a mir haten décidéiert fir eis gemeinsam déi Pläng vun dem neie Parc unzekucken. Leider krute mir d'läscht Joer vum Schäfferot gesot, datt déi Pläng nach nët sou wäit wären, de Schäfferot misst se nach vir d'éischt virgestallt kréien, mä bis haut ass de schéine grousse Parc nach ëmmer e Rätsel mat 7 Sigelen fir eis. Och d'Natur an Ëmwelt si net driwwer informéiert ginn. Mir hu beim Schäfferot eis Remarquen iwwert d'Iwwerschwämmungsgebitt esou wéi zu dem Grondwaasserspigel gemaach, a mir krute gesot, datt déi Problemer musse geléist ginn bei der Exekutioun vum Projet. Et wäre Moossnahmen virgesinn an d'Situatioun géif sech net verschlechteren, si géif bleiwe wéi se wär.

## PAP Wakebierg, rue Richard Wagner, rue Mozart

Mir krute matgedeelt vun der Gemeng, datt en PAP misst gemaach ginn deen sougutt Residenzen wéi Eefamilljenhäiser virgesäit. Dat Ganzt läit an enger Zone d'habitation 2 an den Ament wär den Dossier nach a kenger Prozedur. An enger Réunioun krute mer matgedeelt, datt d'Aarbechten réischt a 5-10 Joer géifen ufänken.

## D'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss

Wat eis nach um Mo läit a wat en Thema wäert ginn an nächster Zäit, dat ass d'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss. Eng Etude vum Bureau Schroeder & Associés hat jo e boulevard extérieur virgesinn: d.h. d'Hogenbergstrooss kënnt jo aus der Industriezone a soll an der Déportatiounsstrooss erauskommen, fir da spéider iwwert déi nei Eisebunnsbréck op den neie boulevard de Hollerich gefouert ze ginn. Mir hunn de Schäfferot gefrot wéi et dann elo mat der Verlängerung vun der Hogenbergstrooss ausgesäit an si hunn eis konfirméiert datt eng nei Etude amgaang ass, mä et kënnt sinn, datt d'Strooss ënnerbrach gëtt an da just géif de neie Quartier desservéieren. Duerfir misst een awer den PAP Wakebierg ofwaarden. Am Prinzip wären se net méi esou waarm fir e bd extérieur. De Verkéiersschäffen huet gemengt, datt wann de Prolongement

gemaach gëtt, keen Transitverkéier driwwer geet, mä datt et soll eng Zone 30 ginn. Am Rapport vun der Réunioun mam Schäfferot steet datt d'Hogenbergstrooss un de Rond-point Gluck ugebonnen wär, wat laut dem PAG awer net richteg ass. Dat géif jo bedeiten datt de Quartier nach méi mat Verkéier belaascht gëtt. Den tronçon bd. de Kockelscheuer muss dach schon vun der Raiffeisenstrooss op de R.P. Gluck goen an esou d'Fiichtgebitt zersiedelen. Fest steet, datt d'CSV an d'LSAP sech géint eng Verlängerung vun der Hogenbergstrooss ausgeschwaat hunn.

D'Haus 24, rue Colomb

Mir hunn d'Gemeng ugeschriwwen fir ze froen wat mat deem Haus geschitt. Et ass jo esou dat d'Avis'en mussen esou aushänken datt de Public ka liesen wat genehmegt ass. Mä leider ass dat dacks net de Fall. Mir kruten du matgedeelt dat d'Gebäi ofgerappt soll ginn an eng Demande do léich fir en Appartementshaus mat 3 Stäck ze bauen. Wien interesséiert ass kann d'Pläng bei der Gemeng op der Rocade kucke goen.

Mir bedaueren, datt dat Haus elo soll ofgerappt ginn well et en Ensembel vun Aarbechterhäiser ass, déi an den 20er resp. 30 Joeren gebaut gi sinn an esou zu engem exzeptionnellen architektoneschen Patrimoine gehéiert. Vill Häiser an deem Deel vum Quartier sinn an de läschte Joeren mat vill Léift a Goût renovéiert ginn an esou en Agrëff géif déi ganz Harmonie vun der aler Kolonie zerstéieren.

Spillplazen an ëffentlech Plazen

Mir haten d'lëscht Joer beim Schäfferot gefrot wéi et dann mat enger neier Spillplaz wär. Well d'Aarbechte jo réischt sollen an 5-10 Joer ugoen hat de Buergermeeschter eis gesot datt eng Méiglechkeet géif bestoen eng provisoresch Spillplaz an der aler Kolonie ze maachen. E puer Méint duerno wéi mir rëm reklaméiert hunn, wou den Dossier dru wär, krute mir d'Äntwert: et kënnt keng provisoresch Spillplaz an d'Kolonie an dat fir net rëm esou eng Situatioun ze provozéieren ewéi dat zu Weimerskirch de Fall war…

Mir haten d'Geméng och drop opmierksam gemaach, datt et mam Entretien vun de Spillplaze géif happeren. Mir hun der Gemeng op Ufro hin den Inventaire vun de Spillplazen an ëffentleche Plaze gescheckt a nach eng Kéier eis Demande fir e Musekkiosk op der Place Sauerwiss widderholl.

Schued, et sinn elo vill jonk Stéit mat Kanner op Gaasperech geplënnert an duerfir wär et elo wichteg datt eppes ënnerholl géif ginn.

An eiser Réunioun beim Schäfferot krute mir dann och nach gesot datt zu Gaasperech kee Centre Culturel géif hikommen, mä datt eng 2. Sportshal geplangt wär.

Place Sauerwiss

E kuerzen Historique : De 26 Juli 2006 si mir vun der Mme Viviane Loschetter an hire Servicer forméiert ginn datt d'Spillplaz op der Place Sauerwiss net méi de Norme géif entspriechen an duerfir géif si ofgeschaaf ginn. De Service des Parcs

sollt e Projet ausschaffen an dee Projet sollt dem Syndicat viru senger Realisatioun presentéiert ginn. Den 11. Januar 2008 an enger Réunioun mat de sälwechte Leit si mir dunn informéiert ginn, datt d'Réaménagement vun der Place Sauerwiss géif reportéiert ginn. Mat Erstaunen hu mir du festgestallt, wéi an der Zeitung vum 16.5.2009 den Avis d'adjudication fir eng Soumissioun vun den Réaménagementsaarbechten vun der Place Sauerwiss stoung. Well mir jo net doriwwer informéiert gi sinn, wéi dat ofgemaach war, hate mir un d'Gemeng geschriwwen a mir kruten als Äntwert, datt keng Ännerung zum initialen Plang géif bestoen, wat awer elo do virgesinn ass : keng Ahnung, just datt Madame Loschetter eis gesot huet, si hätten d'Nofro fir nach en 2. Bouleterrain ze maachen an dee géif dann op d'Place Sauerwiss kommen. Mir hunn doropshinn am Abrëll 2011 e Rappel gemaach a gefrot fir op der Plaz e Musekkiosk ze kréien.

An der Entrevue déi mir mam Schäfferot haten am Februar 2012, krute mir gesot datt et flott wär, wann d'Aktivitéiten am tronçon Tony Bourg respektiv um Parvis bei der Auer géifen ofgehale ginn, dat wär jo den « Duerfkär », do kënnten Leit déi laanscht fueren stall halen an sech un de Fester bedeelegen.

Op eis Reklamatioun hin datt de Kräsi op der Place Sauerwiss vill Leit géif stéieren, krute mir vun de Responsabelen aus de Servicer gesot datt d'Aménagement vun der Place Sauerwiss sou virgesi wär wéi een am Midi halt Boule spillt...ënner Beem, am Kräsi et sollt vun Ufank un kee fest Konzept sinn wéi de Bouleterrain an der Chevalierstrooss. Mä leider hu mir hei bei eis kee Midiswieder... Am November d'lescht Joer ass dunn e Courrier vun der Gemeng komm deen eis matgedeelt huet datt de Schäfferot décidéiert huet :

1. an enger éischter Phase den Interesseveräin ze héieren wat fir Besoins'en an Virstellungen en hätt

2. géif de Schäfferot duerno d'Noperschaft vun der Plaz (de Perimeter soll nach definéiert ginn) an Workshopen invitéieren fir d'Besoins'en an d'Virstellungen vun den Awunner vun dem Deel festzehalen

3. géif d'"coordination espace public" duerno déi Donneeë sammelen an dem Schäfferot se virleeën fir z'approuvéieren an duerno den Participants'en vun de Workshopen se presentéieren.

Da loossen se d'Kaz aus dem Sak : et muss e Projet sinn dee realisabel ass a kuerzer Zäit an.....en därf näischt kaschten, dat heescht an anere Wierder : groussen Opwand, Zäitverschwendung an näischt dohannert.

Mir froen eis fir wat ass d'Spillplaz verschwonnen, firwat sätzen se kee Kiosk dohinner, do wär dach Plaz a kee Stroosseverkéier ewéi bei der Auer. An dann, firwat e Perimeter schaafen, gehéiert Place Sauerwiss net dem ganzen Quartier a senge Visiteurs'en?

Dann de Volet "participation citoyenne" deen eis direkt betrëfft a wou ech virdru schon ugeschwat hun:

An enger éischter Phase soll den Interesseveräin gehéiert ginn, duerno kann ee noliesen am Bréif, gëtt vum IVG net méi geschwat, en ass mol net bei der Presentation vun der Analyse mat virgesinn.

Et kann ee jo net soen, datt wann e Syndikat 80 Joer besteet, bal 700 Memberen huet am Quartier, dat si gutt verstaanen, Stéit, datt een dann net representativ ass. Mir hun eisen Internet, wou d'Leit kënnen hir Doléancen eraschecken déi mir dann esou gutt wéi méiglech beäntwerten. Firwat brauche mir dann nach e "comité du quartier" mat auserwielte Leit.

Um Internet gëtt et eng Kaart wou d'Stiedt an Däitschland drop sinn, déi sou Komiteeë kréien, hunn oder haten, ma do gesäit een datt der scho vill rëm ofgeschaaft ginn. Dat ass alt erëm esou e Waasserkapp dee vill Soue kascht, näischt brengt a virun allem d'Distanz vum Bierger zum Politiker nach méi grouss mecht.

Firwat wëllt d'Gemeng d'Syndikater courtcircuitéieren ? Firwat wëllt se d'Gesellschaft splécken a géinteneen ausspillen? Et ass gewëss méi einfach Projets'en auszeschaffen wann een de néidegen qualifizéierten Staff huet wéi wann een als Laien op alle Gebidder muss sech duerchschloen a verdeedegen. Et ass eis och bewosst datt mir net méi als Partner ugesi sinn, mä fir d'Autoritéiten e Störfaktor duerstellen.

Mir haten an der Reunioun mat dem Schäfferot verschidden Dossiers'en mat op de Wee kritt wéi z.b. de neie Park, de Parvis ronderëm Kierch asw. Ma du krute mer gesot, datt déi Assoziatiounen sech sollen mat der Gemeng a Verbindung sätzen, wa si gären eppes hätten. Vum fréiere Buergermeeschter hu mir eis misse gefaale loosen, mir géifen net genuch mat den aneren Assoziatiounen schaffen. Ausserdeem waren do jo Fuerderungen déi gemeinsam, waren firwat dann net se gemeinsam traitéieren.

Fir eis ass et kloer: eis Ideologie besteet doranner, datt mir mat a fir d'Leit aus dem Quartier wëlle schaffen a net géint si. Fir eis ass et och wichteg datt de Syndikat méi muss gestärkt ginn an datt sech nei Leit an de Comité musse mällen fir konstruktiv matzeschaffen.

Mir sinn eis zwar bewosst, datt een et net ka jidderengem  richteg maachen, mä mir versichen e Mëttelwee ze fannen, mat e bëssche gudde Wëllen misst dat jo awer goen.

Fixerstuff

Well d'Regierungs- an Kommunalpolitiker nach ëmmer um Site beim Paul Wurth festhalen, hun d'Terrainen am PAG missen ëmklasséiert ginn fir z'erméiglechen, datt d'Fixerstuff awer op dee Site komme soll.

Mir sinn eng Kéier gehéiert ginn wou mir gesot hunn, datt d'Etude, déi vun den staatlechen a kommunalen Autoritéiten gemaach gin ass,  10 positiv Punkte fir de Site « Bouneweg » an 8 positiv Punkte fir de Site « rue d'Alsace » beinhalt – dann 4 negativ Punkte fir de Site « Bouneweg » an 7  negativ Punkte fir de Site « rue d'Alsace ».  Du krute mir gesot, datt de Wäert vun de verschidde Critèren net ëmmer d'sälwecht wär an et misst een eng Balance maachen. Fierwat ginn Etude gemaach, wou dann herno souwiesou keen sech drunn hält. Bleift nach ze soen, datt d'Conclusioun vun der Etude festgehalen huet datt keen alternative Site zum jetzege Site Dernier Sol konnt réel zreckgehale ginn.

Mir hun alt erëm beim Vote provisoire reklaméiert an hunn eng Analyse vun de verschiddene Critère gemaach a konnte feststellen datt hir Argumenter mat den Hoer erbäigezu waren. Den Ënnerscheet vun de Kriterien ass haaptsächlech den eventuell spéidere Projet Gare Central an d'Reclassement vum PAG. Déi aner 6 positiv Kriterien fir de Projet rue d'Alsace : et wären keng Wunnhäiser an der Géigend an d'Liewensqualitéit vum Quartier wär net betraff sinn Illusiounen a wäit vun der Realitéit ewech. Direkt iwwert d'Bréck sin 2 Crèchen, eng Structure d'accueil vum Jongenheem an e Jugendhaus. Den englesche Gaart ass net wäit ewech, dee nach e weidere Sëcherheetsfacteur duerstellt.

Wéi aus engem Communiqué vum SREC (Service de recherche et de criminalité Grevenmacher) erausgaangen ass, huet d'Police 2 Jugendlecher zu Nidderaanven ertappt, déi Cannabis konsumméiert hunn. No weidere Recherchen sinn se spéider op e Krees vun 40 Konsumenten gestouss zwëschen 14 an 22 Joer, déi meescht dovun zwëschen 15 an 17 Joer, an dat an enger ländlecher Géigend am Osten vum Land, wäit ewech vun engem Ballungszentrum, den Eisebunnsschinnen an enger Gare. Wéi der gesitt ass et net falsch wa mir soen datt den Dealer dohinner geet wou de Konsument waart. Mee och do gi mir vun der Politik ëmmer ërem zreckgewisen. Leider ass et Realitéit, datt de Phenomän „Drogen" ze wäit fort ass, an déi Responsabel d'Saach net méi an de Grëff kréien.

Mir si net einfach géint d'Fixerstuff hei an eisem Quartier fir dergéint ze sinn, mä mir fäerte fir eis Secherheet.

(Déi nei provisoresch Struktur : De Käschtepunkt beleeft sech op 2 Mio € déi d'Stad Lëtzebuerg bezillt. (An hei nach e puer Chifferen : d'Fixerstuff gëtt vun ongeféier 100.000 Leit am Joer besicht; bis de Juli 2010 haten do 22.000 Leit Drogen konsumméiert, et sinn 65.000 Sprëtzen erakomm a 73.000 Sprëtzen erausgaangen. – 2011 : 216.500 seringues utilisées 2005 = 77.500 – 2 Mio € VdL plus 2 Mio € Comité national de défense sociale par le biais Min. Santé = salaires pour trentaine de personnes- 150 clients par jour) 2012 : distribution 300.000 seringues.

D'Sécuritéit a Propretéit

Ausser eise regelmässege Kontakter mat der Police hate mir den 16. Juli 2012 eng Réunioun mat dem Här Oé, Kommandant vum Policekommissariat Gaasperech. Et ass festgestallt ginn datt op verschiddene Punkten am Quartier gedealt gëtt. Da war an der Déportationsstrooss rëm vu Jugendlecher e Feier geluecht ginn. Mir hu kritiséiert datt op verschiddene Plazen wéi z.B. op der Spillplaz an der Gaasperechstrooss a bei de Containeren egal wat un Dreck déposéiert gëtt. Dann hu mir drop opmierksam gemaach datt verschidde Gebäier, déi eidel stinn, illegal frequentéiert ginn. Mir hu reklaméiert well de Quartier emmer méi vum Transitverkéier betraff ass. Anscheinend ass et esou datt d'Kamionschauffeuren vum GPS a Gaasperech eragefouert ginn.

Mir hate gefrot fir un deenen Deeg, wou eis Soirée an de Concert wären, Patrullen duerch de Quartier fueren ze loossen.

Dann hu mir nach drop opmierksam gemaach datt d'Proximitéitskommissariat misst opgestockt ginn, wat leider net de Fall ass.

Mir hunn am Juni d'läscht Joer um "Comité de prévention élargi" vun der Geméng deelgeholl wou et ë.a. ëm délinquance globale, déi allgemeng an der Hausse ass, gaangen ass. D'Statistik huet erginn, datt de Quartier haaptsächlech vum Vandalismus betraff ass.

Wéi all Joer hu mir de Bréif vun der Gemeng, wou et ëm d'Fréijoersbotz geet un déi lokal Veräiner weiderginn. D'Fréijoersbotz 2013: si geet vum 11. bis den 29. Abrëll a wann dir wëllt dru participéieren oder wann dir wëllt är Doléancen lass ginn, kënn dir op de Call Center 4796 3640 uruffen.

Mir hate bei der Police an um Site vun der Geméng" Report-it2" gemellt, datt an der Briandstrooss bei de Container een Däppen, Iesswueren, gebrachend Glas einfach dohinner gehäit huet. Mir hu matgedeelt kritt d'Gemeng hätt gebotzt, mä een Dag duerno hat schon rëm een Këschte mat Fläschen nieft de Container deposéiert.

Mir hunn eis och gefrot firwat datt d'Container ewechgeholl gi sinn. Wat kann deen ee Bierger duerfir wann deen aanere sech u näischt hält.

Mir hu gefrot, wéi mir beim Schäfferot waren, fir d'Zebrasträifen besser ze beliichten. Do krute mir gesot, datt d'Quartiers'en vun der Stad géifen no an no besser sécuriséiert gin. Mir froen eis firwat datt zu Gaasperech keng Verkéiersberouegungen kënnen installéiert gi wéi an aneren Deeler vun der Stad: z.b. um Kirchbierg oder Hollerech. Vun der Etude fir d'Gluckstrooss ze berouegen, déi de Kommandant vum Policekommissariat eragereecht huet bei der Geméng a wou mir d'läscht Joer am Februar gesot kruten Servicer géifen eng Evaluatioun vun der Etude machen, hu mir bis haut nach näischt héieren.

Den ëffentlechen Transport

Mir hate reklaméiert datt Bussen, haaptsächlech déi vun de Privatfirmen, zimlech schëtzeg duerch verschidde Stroosse fueren. Mir krute vun der Gemeng geschriwwen datt dat nët sou wär, datt keng Iwwerschreidungen vun der Vitesse festgestallt konnte ginn.

Wéi am LW vum 14.12.2012 ze liese war hat de Leidelenger Buergermeeschter Rob Roemen an senger läschter Gemengerotssëtzung zu Leideleng ugedeit, datt verschidde nei Projets'en fir den ëffentlechen Transport géife bestoen. Dunn hu mir eis mat dem Zéissenger Interesseveräin zesumme gesat. Dat eenzegt wat ech iech hei ka soen dat ass datt den 15 Minutentakt op 20 Minuten eropgesat gëtt an datt Gelenkbussen virgesi sinn, wat jo e grousse Sëcherheetsfaktor an den enke Stroossen duerstellt, de Bus muss z.B. wann en an d'Clemenceaustrooss erafiert an der Franklinstrooss op d'Géigepiste ausweichen fir d'Kéier ze kréien. Da wier et och datt d'Verbindungen zwëschen der Ligne 2 a 4 déi sech um Stade Boy Konen auswiesselen, ewechfaale géifen sou datt déi Zéissenger net méi op Gaasperech kommen a vice-versa. Dat Ganzt hätt mat den Aarbechten um Centre Hamilius ze dinn, awer méi präzis Donneeën hu mir nach net, well de Bierger jo net an de ganze Projet matagebonnen gëtt.

Nuetsflich

2012 hate mir 1256 Nuetsflich tëschen 23.00 an 6 Auer. Dat sinn 389 Arriveeën a 436 Departs'en tëschen 23 an 24 Auer. Tëschen 24 an 01 Auer sinn et 95

Arriveeën an 116 Departs’en. D’Ministeren Wiseler a Schneider hu jo lo wëlles den Nuetsfluchverbuet ze verwässeren doduerch datt si eng Quota vun +/- 1500 Nuetsflich ënnert de Gesellschaften wëllen opdeelen. Dann hätten an Zukunft d’Gesellschaften e Recht op déi 1500 Nuetsflich.

Mir verlaangen datt méi Transparenz soll um Fluchhafen geschaafe ginn, datt de Kaméidi mat modernen a kontrolléierte Geräter soll enregistréiert ginn an dass déi Werter, déi am „Plan d’action contre le bruit“ virgesinn sinn, nuets an am Dag net därfen iwwerschratt ginn.

Eng Fuerderung vum IVG un d’Gemengenautoritéiten: Vun 2005 un, kritiséiere mir, datt d’Rapporte vun de Sëtzungen, den Analyteschen also, esou spéit erauskommen, ausserdeem hu mir d’Publikatioun vun de Rapporte vun de Kommissioune gefrot. Leider hu mir bis haut keng Satisfaktioun kritt.

Sou, dat war de Rapport vun der Sekretärin.

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff